association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2019

Léif Memberen,

Den 18.9.19 hate mir eng Reunioun mam Minister vun der Fonction publique fir iwwert d'Iwwerstonnen, d'Karriär vum Professeur-candidat a vum E7-Professer souwéi d'Formation continue ze schwätzen. De Rapport fannt Dir an der Annex.

Den 25.9.19 hate mir eng Reunioun mam Educatiounsminister fir iwwer seng Propositioun ze diskutéieren, déi dem Professeur-candidat sursitaire soll den Zougang zur Professerfunktioun erlaben. Vu datt déi Verhandlungen nach net ofgeschloss sinn veröffentleche mir zu dësem Zäitpunkt keng Detailer.

Mir si frou, datt sech am Dossier Professeur-candidat endlech eppes ze doe schéint.

Mir fuerderen, datt de Professeur-candidat sursitaire seng E7-Karriär direkt kritt an dann déi 270 (5 x 54) Schoulstonnen, fir déi en eng Decharge krut, opschaffe muss, z.B. andeems en den TC mécht oder iwwer Iwwerstonnen. Den E7-Professer, deen den TC gemaach huet, soll 45 Punkte bäi kréien. Domat géif engersäits d'Valeur vun där postuniversitärer Aarbecht, duerch déi dem E7-Professer seng Karriär 18 Méint méi spéit ugefaangen huet an déi et an der A1-Karriär net méi gëtt, unerkannt ginn an anerersäits bestéing weiderhin en Ureiz fir d'Kandidaten den TC ze maachen.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426